PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Gesetzesprojet 8405 iwwert d'Verlängerung vun de Bäihëllefe fir klimafrëndlech Investitiounen

Lëtzebuerg, den 22/10/2024

3

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- D'Regierung huet am Koalitiounsaccord festgehalen, dass si sech un den Nationalen Klima- an Energieplang (PNEC) géif halen, deen duerch eng Villzuel u Moossnamen d'Reduktioun vun den Zäregasemissioune soll erreechen;
- Fir Januar 2025 warnen den ILR an d'Stroumnetzbedreiwer d'Konsumenten, dass d'Käschte fir de Stroum ëm 30% wäerten erop goen. Duerch eng nei Formel bei der Berechnung vun de Netzkäschten riskéiere grad déi Leit, déi d'Energiewend ënnerstëtzen an a Wärmepompelen an Elektroautoen investéieren, finanziell benodeelegt ze ginn, well si méi héich Netzkäschten verursaachen;
- D'Hëllefe vum Färderprogramm *Klimabonus Wunnen* gesi vir, dass Stroumspäicheranlagen (Haus-Batterien) nëmmen zesummen mat enger Photovoltaikanlag subventionnéiert ginn, mee d'Installatioun vun oder d'Noréschte mat separate Stroumspäicheranlagen gëtt aktuell net subventionnéiert;
- D'Moossnam n°307 am PNEC betreffend dem *Régime d'aides Klimabonus Wunnen* schreift vun der Eligibilitéit vu Stroumspäicheranlagen, mee de PNEC gesäit sos keng Moossnam vir, dass d'Leit méi an de Stockage vum Stroum investéieren.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. eng separat Subventioun fir de Kaf vu Stroumspäicheranlagen (Haus-Batterien) anzeféieren.

Marc Goergen